N°2959
Entrée le 30.10.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n° 2959 vum 30. September 2025 vum Här Deputéierte Jean-Paul Schaaf.**

Den honorabelen Deputéierte freet wéini de Chantier vum Ausbau vun der B7 tëscht Schieren an Ettelbréck ugeet a wéi laang en dauere soll.

Fro 1: Wéini soll de Chantier vum Ausbau vun der B7 tëscht Schieren an Ettelbréck ugoen?

Den Ausbau vun der B7 tëscht Schieren an Ettelbréck ass aktuell an der Virbereedungsphas.

Et ass deemno virgesinn am November 2025 mat den ekologeschen Ausgläichsmoossnamen unzefänken déi dozou déngen d'Auswierkunge vum Projet op geschützt Aarten ze reduzéieren oder opzehiewen an déi kontinuéierlech Funktioun vun hirem Liewensraum ze erhalen.

Wat déi eigentlech Aarbechten un der B7 betrëfft, soll nach dëst Joer dat éischt Lous (Viaduc vu Schieren) ausgeschriwwe ginn.

Den Ufank vun dësen Aarbechten ass deemno fir September 2026 geplangt.

Fro 2: Wéi laang soll dëse Chantier daueren?

Laut deem aktuelle Planning sollen d'Aarbechte vum Ausbau vun der B7 op 2x2 Spueren tëscht Schieren an Ettelbréck ronn 4 Joer daueren.

D'Dauer vun deem Chantier erklärt sech ënner anerem doduerch, dass als éischt ee ganz neie Viaduc ëstlech vum bestoenden Viaduc vu Schieren (Lous 1) entsteet. De Bau vun deem Viaduc soll ronn 3 Joer dauere.

Wärenddeems fänken awer schonns d'Aarbechten um Lous 2 „Voirie" un, wou déi bestoend Infrastrukture verbreet, all déi verschidde Bretellen ugepasst, an den Uschloss un d'Autobunn an dono och un den neie Viaduc realiséiert ginn, fir déi awer verschidde Preparatiounsaarbechten am Virfeld noutwenneg sinn.

Wärend de verschiddenen Phase vum Projet muss den Trafic dann och ëmmer rëm op déi jeeweileg aner Säit ëmgeleet ginn, fir déi verschidden Aarbechte realiséieren ze kennen.

Lëtzebuerg, den 29. Oktober 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes